Argentineschen Tango

Firwat muss hien all Kéier nokucken, wann en d'Gebuurtsdatume vu sénge Kanner bräuch? Firwat verhält en déi nët? A firwat weess en all Kéier, wann den 3. Dezember as, datt op deen Dag säin éischte Patrick gestuerwen as? Dat si lo fënnefanzwanzeg – neen, fënnefandrësseg Joer hier.

D'Spull vun dräi Deeg steet um Spullsteen. En huet kee Wäschpolfer méi fir an d'Wäschmaschin. De Krunn drëpst op d'Spull vun dräi Deeg. D'Whiskysfläsch as nees eidel. Souvill drénkt en dach nët. 'T as näischt an deene Fläschen. Hie misst schlofen. Hie kënnt de ganzen Nomëtteg schlofen. Mä d'Spull muss wech! Haut muss se wech!

„Rapp dech, Joseph-Jean!" Fréier huet e sech selwer sou rëmkommedéiert. Haut déngt ët näischt méi. E seet ët och nët méi haart. En denkt ët just heinsdo nach. Mä e weess, datt en nët méi follegt.

D'Lisy war schon do, wéi den éischte Patrick gestuerwen as. 'T krut nach näischt mat. Den éischte Patrick war eng Fréigebuurt, sou wéi dat bei den zweete Kanner dacks de Fall as. Dräi Pond nëmmen. Haut kënne se sou eppes um Liewen halen; deemools nach nët. Oder dach? Se hun en um Spidoolskiirfecht begruewen; iirgendanzwousch. Se hun him mol nët wëlle son, wou. 'T war näischt Offizielles. Dem Margot huet ët manner ausgemaach wéi him.

Wéi den zweete Patrick op d'Welt koum, war d'Anne schon do. E war zéng Méint al, wéi e gestuerwen as. „Wann d'Féiwer bis e Méindeg nët rof as", sot den Dokter, „da fuert der besser an d'Kannerklinik." Sonndes owes as e gestuerwen. Zéng Méint al; e klenge stramme Kärelchen; doutkrank, ma en huet nach a séngem Juppeler gejuppelt an un der Fläsch gesuckelt. 'T as alles sou séier ënne räusgelaf, wéi e gedronk huet. 'T war Summer, deemools. Den Dokter koum vum Waasserschi fir den Doudeschäin äuszestellen. E war eng Grëtz genéiert. „Dir hätt deen nimools dierfe Patrick nennen", sot d'Schwéiermamm, „dat muss jo Ongléck bréngen." Si hun e Graf kaaft.

Am Radio spille s'en Tango. Da's haut seelen. En argentineschen. Den Tango as den Danz vum Dout, son d'Argentinier.

Deen drëtte Patrick blouf um Liewen. Da's haut „de Patrick". Déi zwéin aner si vergiess. Neen, 't as nët wouer. Hie muss un deen éischten denken, an un dat, wat haut méiglech wir. Oder wir dat och schon deemools méiglech gewiescht? An och un deen zweeten; an un dem Dokter vun deemools séng Waasserschi.

De Mann op der Gemeng huet gelunge gekuckt, wéi en den drëtte Patrick an d'Familjebuch agedron huet. Haut huet de Patrick der sechsanzwanzeg. D'Anne as schon zweemol Mamm, an hien zweemol Grousspapp. E verhält d'Nimm vun séngen Enkelkanner fir d'Baschten nët. „Wann's de nach eng Kéier ze deene sees, dat as de Bopa, da kommen ech ni méi bei iech", sot en zum Anne, „ech sin nach kee Bop!"

D'Lisy as nach nët bestuet. 'T huet der lo aachtandrësseg a keeft sech säi Fleesch am Pond. 'T huet recht. Hie war deemools ze domm dofir. D'Margot huet well laang een aneren; an d'Häus.

D'Liewen as Schäiss. D'Monique, séng Schwëster wousst dat. 'T huet mat fënnefanzwanzeg Pëlle geholl, d'Lisy war just op der Welt. „Dat huet d'Mamm an d'Graf bruecht", sot säi Papp nach zéng Joer duerno.

Déi zwéi Patricken, d'Monique, d'Mamm; dat war alles beieneen; bannent véier Joer. Duerno goung d'Margot séngerwee. Duerno gouf et méi roueg. Just säi Papp lieft nach. En huet der nonzeg an as durcherneen. E kennt hien nët, wann hien e besicht. D'Nonne schwätzen nët vill.

Hie muss déi Spull wechkréien. Fir d'éischt mam Margot Loyer bezuelt, du d'Häus bezuelt, du krut hatt et, lo bezillt en nees Loyer. 'T as nët vill méi wéi eng Stodentebud. Mä hien as jo nach kee Bop. Hie rappt sech.

D'Margot huet gären Tango gedanzt. 'T war deemools nëmmen eng Spréif. 'T war flott, mat him Tango ze danzen. Spéider, no de Kanner, goung et äuserneen.

D'Anne huet als Meedchen och dacks Tango mat him gedanzt. 'T war och nëmmen eng Spréif mat siwenzéng. 'T fänkt och un äuserneen ze gon, lo no de Kanner. 'T hält mat séngem Mann d'Graf vum zweete Patrick an der Rei. „'T war dach mäi Brudder", sot et mol.

No der Scheedong wollt d'Margot näischt méi mam Graf ze don hun. 'T geheiert jo awer bei d'Häus.

josy braun